

an eng international Konventioun. Dat ass u sech ganz interessant, well dat op anere Plazen och net ëmmer esou de Fall ass.

Wat, mengen ech, besonnesch interesséiert bei esou enger Konventioun niewent dem Text, dee mir virleien hunn, ass, wat esou eng Konventioun konkret fir eist d'Lan d bedeit? Wéi ass d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg?

Insbesonnesch hu mer hei zwou bis dräi Kategorien déi relevant si fir d'Situatioun zu Lëtzebuerg. Op där enger Säit dee ganze Beräich PCBen, dann d'Dioxinen an d'Furanen. Dann natierlech d'Pestiziden, déi och hei zu Lëtzebuerg gebraucht ginn.

Wat elo d'PCBen ubelaangt - an dat ass och schonn erwähnt ginn -, ass schonn 1984 en Inventaire vun Apparater mat purem PCB gemaach ginn. Et ass och en Eliminatiounsprogramm opgestallt ginn deemools, dee vum Stat finanzéiert ginn ass. Deen hat grouss Succès an et kann een haut soen, datt zu Lëtzebuerg praktesch keng Apparater méi mat purem PCB iergendwou stinn oder iergendwou nach gebraucht ginn.

Derniewent ass eng diesbezüglich Direktiv 1998 komm mam entspreichende Reglement, wou dann den Inventaire vun den Apparater gemaach ginn ass, wou e Gemësch vun Ueleg mat PCB dran ass. Do muss ënner anerem en Inventaire gemaach gi vun deenen Apparater, déi méi wéi 0,005% PCB am Ueleg hunn. Deen Inventaire ass mëttlerweil gemaach an et huet sech erausgestallt, datt hautdesdaags, also 2002, vun all deenen - et ass jo haaptsächlech an Transformatoren, wou een dat fënnt -, Transformateuren déi nach zu Lëtzebuerg sinn, der nach ongeféier 0,5% sinn, also mol net en halwen Apparat vun 100, wou nach esou Substanzen an där Konzentratioun - dat ass schonn eng relativ niddereg - dra sinn.

Wann een elo einfach mol kuckt, en quantité absolue, wéivill mécht dat dann u PCB? Et ass esou, datt 2001, wann een dat erausgeholl hätt aus deenen Ueleger, mer nach 1.244 Kilo am Land hätten. Awer duerch déi ganz Mesuren, déi mer geholl hunn, an déi Strategien, fir all déi PCBen ze eliminéieren, hu mer d'lescht Joer do och nach gutt geschafft, an haut 2002 sinn am ganze Land nëmme nach ronn 495 Kilo PCB, déi een an deenen eenzelnen Apparater kennt fannen, wann ee se all géif zesummenzerechnen. Dat ass also eng Réduktioun vun 60% innerhalb vun engem Joer. Mir sinn also do wierklech ganz gutt.

Wat elo d'Apparater ubelaangt déi eventuell bei de private Leit stinn, do ass et esou, datt déi kënnen iwwert de Wee vun der Superdreckschësch déi Saach eliminéieren. Bei all deenen aneren Apparater hu mer eng konzertiéiert Aktioun, wou mer Accorden hunn, fir déi Saachen an d'Ausland kënnen ze féieren, fir se do fachgerecht ze eliminéieren.

Eng zweet Kategorie vu POPen, mat där mer hei zu Lëtzebuerg méi konkret an der Vergaangeneheet befaasst waren, sinn d'Dioxinen an d'Furanen. Dat sinn u sech keng Produiten, déi elo an enger Fabrik produzéiert ginn, fir zum Beispill ausgestreet ze ginn oder fir iergendwou ugewannt ze ginn, mä dat sinn Offallprodukter vun enger Verbrennung. Haaptsource sinn do d'Stolwierker, Aluminiumfusiounen - do hu mer e Wierk zu Klierf -, an dann och d'Müllverbrennungsanlagen. Hei hu mer zu Lëtzebuerg eng Valeur limite fir Emissiounen vun 0,1 Nanogramm pro Meterkibb a säit 1995 gi regelméisseg bei deenen eenzelnen Installatiounen, déi concernéiert sinn, Miessunge virgeholl.

Ech hu mer haut dee leschte Rapport vun der Ëmweltverwaltung komme gelooss, wou e regelméis-

sege Suivi vun deene concernéierten Installatiounen ass. Effektiv ass an der Vergaangeneheet mol bei de Stolzwerker punktuell dee Wäert iwwerschrott ginn, wou dann natierlech ëmmer direkt gekuckt ginn ass mam Bedreier - dat war ganz oft d'ARBED - fir do kënnen ze intervenéieren, mä datt an der Joresmoyenne - dat wëll ech betounen - op alle Fall ëmmer d'Valeur limite, déi autoriséiert war, ënnerschratt war, also datt ni déi 0,1 Nanogramm pro Meterkibb iwwerschrott gi sinn. Och déi Poin-ten, déi alt emol deegweis entstan waren, waren och ënnert engem sougenanntene Seuil sanitaire d'intervention. Et huet also ni eng Gefor fir de Mënsch bestan.

Déi Explicatiounen hei, fir ze ënnersträichen, datt Lëtzebuerg fir d'Ëmsetzung vun där Konventioun vill méi wäit fortgeschrott ass, datt mer also do praktesch all d'Hausaufgabe gemaach hunn. Och den Aktionsplang, dee sech doraus ergëtt, ass schonn deelweis definéiert an ëmress.

Och an eise Plan national pour la gestion des déchets, also am Offallwirtschaftsplang, hu mer déi Saache skizzéiert. Et kann een also soen, déi grouss Linne si gezeechent. Effektiv muss een nach kucken am Beräich vun de Pestiziden - do si jo nach Etüden amgang -, datt een dat an deen Aktionsplang och konkret kann abringen.

Eng Fro, déi opgeworf gi war, war eng iwwert d'Qualitéit vum Buedem. Buedemmonitoring, Buedemkadaster, do wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, datt mer amgang sinn e Buedemschutzgesetz auszeschaffen, dat mer an deenen nächste Woche wäerten dem Regierungsrat ënnerbreeden. Och do hu mer esou e Buedemmonitoring fir d'Qualitéit vum Buedem, nieft deene contaminéierte Site wuel gemierkt, mä einfach insgesamt hu mer wëlles iwwer d'Qualitéit vum Buedem hei zu Lëtzebuerg regelméisseg e Monitoring ze maachen. Dat kënnen mer och an deen Aktionsplang mat eraschreien, respektiv och déi Saachen, déi um Niveau vun der EU lafen.

Et ass esou, datt mer net méi spët wéi de nächste Méindeg zu Bréissel e Conseil hunn, wou mer nach eng Kéier iwwert d'Politik am Beräich vun de Chemikalien an Europa wäerte schwätzen an dat dann nach eng Kéier wäerten opwerfen.

Ech wëllt alle Riedner merci soe fir hir Interventioun, respektiv fir dee groussen Accord, deen dese wichtige Projet fënnt.

Här President, ech hunn den Explicatiounen vum Här Huss nogelauschert. Ech hunn déi Motioun virleien, hat bis elo awer nach net d'Geleeënheet, fir se am Détail ze kucken. Ech géif just mengen, dass opgrond vun deenen Explicatiounen, déi ech elo ginn hunn, een erausgesäit, dass mer eng ganz Rei Mesurë scho geholl hunn, mer amgang sinn en Aktionsplang opzustellen, an och um Niveau vun der EU amgang si konkret Fortschritt ze maachen.

Ech froen mech, ob déi Motioun am Fong geholl net iwwerflësseg ass, well d'Regierung schonn amgang ass déi Saachen allegueren an d'Wee ze leeden.

Merci.

M. le Président. - D'Diskusioun ass elo ofgeschoss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4881 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo of iwwert dee virleiende Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthalte sech.

De Projet de loi 4881 ass eestëmmegeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, MM. Laurent Mosar, Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jean-not Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydie Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

An dann hu mer nach d'Motioun vum Här Huss virleien.

D'Wuert huet den Här Mehlen.

Motion

M. Robert Mehlen (ADR). - Här President, ech wollt e Wuert zur Motioun soen. Si ass mer ganz sympathesch, well wann ech de Lëtzebuerger Baueren eppes Guddes wëllt wënschen, da géing ech wënschen, datt se an Zukunft iwwerhaupt keng Pestizide méi bräichten unzewennen, well dat ass wierklech keng agréabel Saach.

Leider ass d'Realitéit eng aner, mä ech sinn awer absolut mat de grénge Kolleegen d'accord, datt de Stat soll all méiglech Efforte maachen, fir de Baueren ze hëlfen, datt ëmmer manner Pestizide brauchen ugewannt ze ginn.

Ech stéiere mech just bei där Motioun un eppes, datt se am Fong geholl nëmme selektiv den Aspekt vun de Pestizide kuckt. Et gëtt och nach eng Partie aner Quellen, wou ee grad esou konkret Programmes d'action misst lancéieren, fir ze verhënnere, datt där Substanzen, déi vun där Konventioun viséiert oder net viséiert sinn, kënnent an Ëmlaf kommen. Dat féiert mech dozou, sou sympathesch wéi et och ass, fir mech bei där Motioun hei ze enthalten.

M. le Président. - Den Här Alex Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP). - Här President, mir kënnen déi Motioun ënnerstëtzen, quitte dass se keen direkte Lien mat där Diskussioun huet, déi mer elo grad hei haten, mä den Inhalt ass eis ganz sympathesch.

M. le Président. - Mir stëmmen iwwert d'Motioun of.

Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthalte sech.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 34 Nee-Stëmmen, 21 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydie Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké).

MM. Jean Colombero et Aly Jaerling.

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Paul-Henri Meyers), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Fred Sunnen), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel, MM. Jean-not Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Den Här Jaerling huet d'Wuert gefrot, fir eng Proposition de loi ze déposéieren. Och esou den Här Colombero.

Ass et déiselwecht?

(Brouhaha général)

13. Dépôt de deux propositions de loi

M. Aly Jaerling (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech erlabe mer haut e Gesetzvorschlag ze deponéieren, deen den Artikel IX (5) vum Gesetz vum 28. am Broochmount 2002 iwwert de Rentendësch esou ännert, dass all d'Rentner kënnen vun där 0,01% spezial-proportional Majoratioun profitéieren, an net nëmmen déi, déi nom éischte vum Lenz 2002 a Pensioun gaange sinn.

- Proposition de loi 5061 ayant pour objet de modifier la loi du 28 juin 2002 1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension,

2. portant création d'un forfait d'éducation;

3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à revenu minimum garanti.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Jean Colombero fir den Dépôt vu senger Proposition de loi.

M. Jean Colombero (ADR). - Här President, ech erlabe mer fir e Gesetzesprojet ze deponéieren, deen d'Gesetz vum 21. November 1980 iwwert d'Organisatioun vun der Gesondheidsdirektioun ofännert, andeems d'Schafung vun enger konsultativer Kommissioun an der Präven-

tiv- a Sozialmedezin agefouert gëtt.

- Proposition de loi 5062 portant création de la Commission consultative de Médecine préventive et sociale et modifiant la loi du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la Santé.

M. le Président. - D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun deenen zwou Propositionen de loi. Si gi weidergeleet un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissiounen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir fueren elo weider mat eise Ordre du jour a kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4837, en Zousatzprotokoll zur Schafung vun der Union postale universelle.

Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Delvaux, déi Häre Rippinger an Urbany.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

14. 4837 - Projet de loi portant approbation du sixième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle, de la Convention, du Règlement général et de l'Arrangement, signés au Congrès postal universel de Beijing, le 15 septembre 1999

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4837, deen iwwert d'UPU geet, ass chronologesch gesinn den 30. August 2001 déposéiert ginn. Den 19. Mäerz krut en den Avis vum Statsrot, de 4. November ass de Rapporteur désignéiert ginn, de 25. November ass de Rapport adoptéiert ginn, an haut, den 3. Dezember, 15 Méint duerno, schléisst mer des Prozedur of.

Erlaabt mer e puer Zuelen ze nennen am Kader vum Weltpostnetz am 21. Jorhonnert, dat gigantesch ass. Et muss ee sech virstellen all Dag ginn 1,1 Milliarde Bréiwer an Inlandscourriere verschéckt. Dat maachen am Ganze 413 Milliarde Bréiwer an engem Joer. All Dag gi 24 Milliounen Bréiwer iwwert d'Grenzen eraus geschéckt, wat och, wann een dat op ee Joer kuckt, 8,6 Milliarde Courriere mécht. Dat ass wierklech vill.

Wann ee bedenkt, dass am Joer en moyenne 71 Bréiwer vun de Mënsche verschéckt ginn, a wann ee weess, dass an dévelloppéierte Länner dat iwwer 400 Envoie sinn, da muss ee feststellen, dass am Ganzen et der tëschent 5 an 33 sinn an de Länner, déi net dévelloppéiert sinn.

Da kommenn nach dozou 3,4 Milliarde Postpäck pro Joer. Dat ass och eng Moyenne vun 10 Milliounen den Dag.

Een anere Chiffer, deen och gigantesch ass: 5,9 Milliounen Persone schaffe bei der Post, wat am Fong geholl ee Postbeamten op 1.000 potentiell Clientë mécht, oder och nach 770.000 Büren iwwert d'ganz Welt. Dann nach déi hallef Millioun motoriséierte Park vun der Post, deen dee gréisste motoriséierte Park vun der Welt ass. D'Post ass e rise Betrib.

Déi Aarbechte vum Kongress vum 26. an 27. August 1999 hu sécherlech eng fundamental Bedeutung. Hei ass et am Fong drëm gaangen, fir en universell Recht op Kommunikatioun, Erausfuerderung an Opportunitéite fir d'Post ëmzesetzen. D'Objektiver sinn definéiert ginn iwwer 26 Strategien an ech wëll der elo dovun sechs hei resuméieren.

Deen éischte Punkt ass dee vun engem universelle Postdéngscht. Universelle Postdéngscht heescht, dass all Bierger Post ka kréien oder fortschécken iwwert d'ganz Welt.

Dat zweet Element ass dat vun der Qualitéit vum internationale Postnetz. Hei geet et drëm fir sécher, zouverlässeg an effizient Strukturen ze kréien, fir dëse qualitativen Elementer gerecht ze ginn.

En drëtten Punkt ass dee vun der ekonomescher Liewensfähegkeet. Hei soll de Käschtepunkt par rapport zur Effikassitéit optimiséiert ginn, esou dass all Mënsch oder all Client zu erschwéngleche Konditiounen vun dësem Service ka profitéieren.

En nächste Punkt, deen een och muss ervirsträichen, ass dee vun de Mäert a vun den nationale Produkter. Hei geet et drëm nei Produkter ze kreéieren, déi de Bedürfnissen an den Erwaardungen vun de Clienten vun der Post entsprechen.

Fënnefte Punkt ass d'Reform an d'Entwécklung vun der Post. Hei soll esou reforméiert ginn, dass déi technologesch Changementer, déi ekonomesch an déi reglementar Strukturen kënnen optimiséiert ginn.

De sechste Punkt ass dee vun der Stärkung a vum Ausbau vun der Zesummenaarbecht tëschent de Partner am Interesse vun de Postsecteuren

Den Detail vun all dëse Punkte vun de Strategien an Objektivier géif ech lech bieden am Projet de loi, respektiv am schréffleche Rapport vun der Kommissioun nozulesen.

Niewent dëse strategeschene Décisiounen, déi geholl gi sinn, sinn och de Verwaltungsrout an de Betriebsrot erneiert ginn. Tëscht deenen zwee Kongresser ass d'Présidence u Portugal gaangen. D'Recommandatiounen iwwert den zukünftege Rôle vun der Union postale universelle sinn och esou ugaange ginn, dass e Grupp kreéiert ginn ass vu 25 Länner, déi sollen an deenen nächsten zwee Joer Changementer ausschaffe fir d'Strukture vun der UPU. Donievert ass och nach, fir déi ganz Participatioun ze stimuléieren, e berodende Grupp agesat ginn. Do si regional Poststrukturen, ONG'en an och privat Opérateuren dran, déi am Fong geholl lauter interesséiert Parteien vun der Post sinn. Si sollen dann do Detailaarbecht maachen.

Schliesslech ass och nach e Weltforum fir d'Politik vun der Post ageruff ginn. D'Modifikatiounen, déi um 22. Kongress vun der UPU adoptéiert goufen, kënn Der am Detail am Projet de loi op de Säiten 6 an 11 nolliesen, Modifikatiounen, déi sech besonnesch op den interne Fonctionnement vun der Postorganisatioun bezéien.

D'Verännerunge bezéie sech awer och op de sechsten Zousazprotokoll zur Verfassung vum Weltpostverein. Dës Verännerunge bezéie sech op dat generell Reglement vun der IPU an och op de Schlussprotokoll vun der universeller Postkonventioun.

Schliesslech gëtt och nach den Arrangement betreffend d'Finanzeservicer vun der Post mat Verännerunge befaasst. D'Dispositionne beschränke sech op Elementer iwwert d'Relatiounen tëschent de Regierungen oder awer op anerer, déi fundamentaler Natur sinn, an déi dann d'Ennerstëtzung vum Kongress brauchen. D'Reglementer, déi aus de Konventionne fléissen, enthalen Regelen, déi dem Kongress net musse virgeluegt ginn. Si sinn also komplementar zur Konventioun.

Wat d'Finanzdéngschter vun der Post ugeet, gëtt et Klauselen betreffend Postmandater, Postschecken an Titelen. Et gëtt do esou geschafft, dass mer a Richtung vun enger Fusioun, vun

Gruppéierung an enger Harmoniséierung vun den Originaltexter ginn.

De Projet de loi gouf analyséiert vun der Commission des Media de 4. November. Et si keng Observatiounen vun de Membere komm. Och de Statsrot huet en Alternativtext verfaasst, deen och keng Opposition fonnt huet bei de Membere, esou dass ee grouss Konsens bei dësem Projet de loi do war. Ech géif lech bieden dëse Projet ze stëmmen an ech bréngen an engems den Accord vun der CSV.

Villmools merci.

M. le Président.- Als éischt Diskussiounsriednerin ass d'Madame Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Madame Delvaux huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Här President, ech bréngen heimadder den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dëser Konventioun a wollt dem Rapporteur och merci soe fir säi Rapport.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir soen dem Här Haldsorf, dem Rapporteur, och merci fir säin ausféierleche Rapport. Ech bréngen och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- An dann ass et um Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Texter, déi eis hei virgeluegt ginn, bedeite jo keng wesentlech Ännerung vun deene bisherege Strukturen vun der Union postale internationale.

Et läit allerdéngs en aneren Text vir, wat d'Strategie vun dëser Organisatioun ugeet, deen hei net zum Vote steet, wann ech dat richtig verstane hunn, deen awer eng Partie Saachen enthält, mat deenen ech net kann d'accord sinn, well en e prinzipiell Engagement enthält a Richtung vun enger Öffnung vun de Mäert an enger entsprecherender Reform vum weltwäite Postsystem. Konkret ëm déi Froe gëtt jo de Moment verhandelt am Kader vun der Welthandelsorganisatioun iwwert d'Liberaliséierung vun de Services, an hei gëtt grad vun der EU en dältlechen Drock ausgeübt op d'Entwécklungslänner, zum Beispill op Brasilien a Südafrika, fir hire Service public Post opzemaache fir déi weltwäit Konkurrenz. Et freet ee sech, wéi wäit déi Länner sech deem weltwäite Marchandage do kënnen widdersetzen.

Och op Lëtzebuerger Postclienten kënn jo am Kader vun der kompletter Liberaliséierung vum Service public bis 2009 duerch eng nei europäesch Direktiv jo nach manches zou, wat mir hei nach wäerten diskutéieren.

Fir mäi Bedenke vis-à-vis vun deenen Entwécklungen auszedrücken, déi fir mech net méi eng grouss Effikassitéit fir d'Clienten vun der Post bedeuten, mä virun allem méi eng grouss Profitabilitéit fir déi transnational Konzerne, déi op deem Terrain agéieren, wéll ech mech enthalen beim Vote zu dësem Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Eugène Berger.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Merci, Här President. D'Regierung seet dem Rapporteur och merci fir säin ausféierleche Rapport zu där Konventioun, déi sécher eng ganz komplex Matière ass. Mir kënnen feststellen, dass eng grouss Majoritéit hei an der Chamber kann deem Projet zustëmmen. Dat freet eis, an d'Re-

gierung seet dofir der Chamber merci.

M. le Président.- D'Diskussion ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4837 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4837.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Abstentoun.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Haldsorf, Norbert Hauptert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Schank Marco), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Ady Jung) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jean-not Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jos Scheuer);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussion vum Projet de loi 4930 iwwer eng Grenzanerengung tëschent de Gemengen Nidderaanwen a Sandweiler.

(Brouhaha général)

Et si schonn agedroen: déi Häre Klein a Graas. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Haldsorf.

Une voix.- Weess deen iwwerhaupt, wou Sandweiler ass?

15. 4930 - Projet de loi portant changement de limites entre les communes de Niederaanven et de Sandweiler

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

M. Jean-Marie Haldsorf (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et geet also ëm eng Grenzanerengung tëscht de Gemengen Nidderaanwen a Sandweiler.

Dëse Projet fënnt am Fong geholl seng Originen an enger Décisioun vum Gemengerot vun de Gemengen Nidderaanwen a Sandweiler. De 17. Dezember 1998 huet d'Gemeng Nidderaanwen, an den 27. Abrëll 1999 huet d'Gemeng Sandweiler décidéiert dee Changeement am Kader vun engem PAP virzehuelen. An dorophon ass dann, den 22. Mäerz 2002, e Projet de loi vum Minister déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis de 4. Juni 2002 ginn. Den 1. Oktober 2002 ass de Rapporteur genannt ginn. De 26. November ass den Avis vum Statsrot gekuckt ginn an och de schréffleche Rapport, dee virläit, ugeholl ginn. An haut stëmme mer dëse Projet dann och.

Et geet drëm dës Limiten unzepassen, a wéi et am Artikel 2 vun der Konstitutioun steet: „Les limites des communes ne peuvent être changées qu'en vertu d'une loi“, an dat selwecht steet och am Artikel 2 vum Gemeindegesetz: „La modification de leurs limites peuvent se faire que par une loi“, musse mer dëse Wee elo goen.

Wann ech den Erklärungen vum Buergermeeschter vu Sandweiler, dem Här John Breuskin, gleewen, ass dëst néideg ginn, well do dräi Elementer beienee komm sinn.

Éischtens ass um Findel e Baukomplex gemaach ginn, wou aacht Büroskomplexer gebaut gi sinn. Zweetens hu mer den Hôtel Ibis, wou Problemer mat der Grenz waren. Drëttens d'Entreprise Lorange.

Beim Baukomplex vun aacht Bürosgebaier wäeren d'Grenzen duerch zwee Gebaier gaangen an dat wier bei der steierlecher Opdeelung schwierig ginn. Dofir ass dat dann opgedeelt ginn. Et sinn elo dräi Gebaier op Sandweiler Territoire a fënnef op Nidderaanwener Territoire. Beim Hôtel Ibis wäeren déi selwecht Problemer. Dee gehéiert elo zur Gemeng Nidderaanwen an d'Entreprise Lorange gehéiert no dësem Projet de loi zur Gemeng Sandweiler.

Dat sinn am Fong geholl d'Erklärungen, fir do eng propper Lag ze hunn. De 4. Juni huet de Statsrot säin Accord marquéeiert. A wann Der d'Artikele kuckt: Den Artikel 1, dee mécht d'Changement vun Nidderaanwen op Sandweiler, den Artikel 2 vu Sandweiler op Nidderaanwen an den Artikel 3, dee mécht d'Flächenidentifizierung iwwert de Kadaster. Et ass also e Projet dee keng Schwierigkeete mécht. Ech géif lech also bieden dëse Projet ze stëmmen, an ech bréngen och den Accord vun der CSV. Merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jean-Pierre Klein (LSAP).- Här President, ech soen dem Rapporteur merci fir säi gudde Rapport iwwer eng Rektifikatioun vun de Limiten tëschent de Gemengen Nidderaanwen a Sandweiler. Ech ginn dozou den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Niki Bettendorf.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, ech wéll och den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet bréngen.

Ech muss soen, dass dat hei eppes ass, wat vill méi oft misst gemaach ginn, souguer misst promovéiert ginn, well mer wëssen, dass ganz oft an Industriezonen, an Aktivitéitszonen, déi zesummen tëschent zwou Gemenge gemaach ginn, einfach d'Limiten vun de Gemengen duerch d'Gebaier lafen. Dann entsti Problemer beim

Verrechne vum Verbrauch vum Waasser, bei de Kanaltaxen, beim dem Telefon. All déi Saache musse regléiert ginn, an dofir wier et wichteg, dass am Virfeld vun esou Zonen et zu Grenzanerengungen an de Gemenge kéim, déi d'un commun accord tëschent de Gemenge géife getraff ginn, fir dass effektiv besser kéint mat den eenzele Propriétaires ofgerechent ginn. Ech kéint lech Beispiller opzielen, wou einfach d'Grenzen ...

Plusieurs voix.- Nee, nee, nee.

M. le Président.- Här Bettendorf, Dir hutt nëmmen zwou Minutten zur Verfügung.

M. Niki Bettendorf (DP).- Et ass net gewünscht, dass ech lech Beispiller ginn, da brauch ech dat och net ze maachen. Ech wéll da ganz einfach den Accord vun eiser Fraktioun bréngen. Ech soen lech merci.

(Hilarité générale)

Une voix.- Très bien, très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Eugène Berger.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Här President, ech wéll dem Rapporteur merci soe fir säi Bericht. Et ass effektiv net usus, dass d'Grenze vu Gemengen duerch Gesetz geännert ginn, an et wär sécher interessant gewiescht, fir do nach weider Beispiller kënnen ze héieren.

Et ass esou, dass praktesch Konstellatiounen am Virfeld stoungen, déi dozou gefouert hunn, fir dat Gesetz hei anzubringen. Déi zwou Gemengen hunn dat ugefrot an hire gemeinsamen Accord läit vir. Ech kann och feststellen, dass hei och e groussen Accord zu deem Projet ass a wéilt der Chamber dofir merci soen.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4930 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4930.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass unanime mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Nico Loes), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Haldsorf, Norbert Hauptert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Fred Sunnen) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jean-not Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Théo Stendebach), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme